LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7122 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

Grad wéi am Lycée gëtt et an der Grondschoul d'Méiglechkeet, fir deen eenzelne Schüler Differenzéierungsmoossnamen (aménagements raisonnables) virzegesinn (Artikel 29 vum Gesetz vum 9. Februar 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental).

Esou, datt ënner anerem follgend Amenagementer kënnen en place gesat ginn:

- Upassung vum Klassesall (z. B. oflenkend Reizer vermeiden)
- Upassung vun der Sëtzplaz (z. B. frontal un der Tafel, net bei der Dier)
- Separate Raum, fir en Test ze schreiwen
- Un d'Bedürfnisser vum Kand ugepassten Aarbechtsblieder (z. B. serifefräi Schrëft)
- Méi Zäit fir Tester an integréiert Projeten
- Zousätzlech Pausen (z. B. Beweegungs- oder Entspanungspausen)
- Technesch Hëllefsmëttel (z. B. iPad mat Virliesfunktioun)
- Mënschlech Ënnerstëtzung (z. B. assistance en classe, I-EBS)
- "Vérificateur d'orthographe" (z. B. bei fräi geschriwwenen Texter)

Nieft dësen Differenzéierungsmoossname bidden sech och nach follgend Adaptatiounen an der Klass un:

- Quantitéit vun der Aarbecht upassen (z. B. Aufgaben a kleng Deeler glidderen, verkierzten Aufgaben)
- Interaktioun Léierpersoun-Schüler upassen (z. B. kuerz a präzis Uweisungen, konstruktive Feedback, positiv Verstäerkung)
- Ofschreiwe vun Texter minimiséieren (z. B. Foto vum Tafelbild an d'Heft pechen, Diktéierfunktioun vum Tablet benotzen)
- Visuell Hëllefe fir d'Orientéierung an d'Entlaaschtung vum Aarbechtsgediechtnes zur Verfügung stellen (z. B. Sandauer, Time-Timer, Checklëschten)
- Aarbechtsorganisatioun (z. B. visuell Hëllefsmëttel wéi Piktogrammer fir d'Opmierksamkeet oprechtzeerhalen)

**Ad 2)**

Laut dem Artikel 3, Kapitel 2 vum Gesetz vum 15. Juli 2011 (*Loi du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers*) kann den Direkter vun engem Lycée follgend Amenagementer festhalen:

- Amenagement vum Klassesall oder dem Schüler senger Sëtzplaz
- E separate Sall fir d'Epreuven
- Eng adaptéiert Presentatioun vun de Questionnairen

Laut dem Artikel 4, Kapitel 2 vum Gesetz vum 15. Juli 2011 kann Conseil de classe follgend Amenagementer festhalen:

- Dispens vun engem Deel vun den obligatoreschen Epreuvë fir een Trimester oder Semester
- Ersetze vun engem Deel vun den Epreuven déi virgesi sinn, duerch eng eenzeg Epreuve zum Schluss vum Trimester oder Semester
- Fir d'Resultater vum Enn vum Joer: Consideratioun vun de schoulesche Resultater vun nëmmen engem oder zwee Trimesteren oder engem Semester

Laut dem Artikel 5, Kapitel 2 vum Gesetz vum 15. Juli 2011 kann d'CAR (Commission des aménagements raisonnables), déi am Artikel 6 vun deem nämmlechte Gesetz kreéiert gouf, ënner anerem follgend Amenagementer festhalen:

- Méi Zäit an den Epreuven oder integréierte Projeten
- Zousätzlech Pausen an den Epreuven
- Opdeele vun den Ofschlossexamen op zwou Sessiounen (amplaz eng)
- Zeréckgräifen op technesch Hëllefsmëttelen oder mënschlech Ënnerstëtzung, fir déi speziell Schwieregkeeten ze kompenséieren
- Zeréckgräifen op e "Vérificateur d'orthographe"
- Benotze vun enger aner Sprooch (Franséisch oder Däitsch) wéi vum Programm virgesi fir Questionnairen an/oder d'Produktiounen vum Schüler
- Dispens fir mëndlech, praktesch oder physesch Epreuven oder fir ee Module
- Temporaire Beschoulung (fir verschidde Matièren oder all d'Matièren) an enger aner Klass wéi d'Classe d'attache

Nieft dëse Mesuren, déi am Gesetz festgehale goufen, kënnen am Virfeld awer och scho Mesuren an der Klass geholl ginn, andeems:

- op d'Sëtzplaz vum Schüler opgepasst gëtt: no beim Enseignant, frontal zur Tafel, Eenzelsëtzplaz;
- d'Stonne strukturéiert ginn: wichteg an nei Léierinhalter am Ufank vun der Stonn virgesinn, reegelméissege Feedback zu Deelaufgaben;
- d'Erklärungen zu Aufgabe kuerz a konkret gehale ginn, am Beschten am Bléckkontakt zum Schüler an d'Erklärunge vum Schüler widderholl ginn;

- Hëllefsmëttel agesat ginn, wéi zum Beispill Fidgets, Sëtzkëssen, Knätsch, Kopfhörer.

Bei alle Mesuren ass et wichteg, se mat de Schüler ze beschwätzen an ze kucken, ob si se akzeptéieren oder net.

**Ad 3)**

All déi ënnert der Fro 1 an 2 opgelëschte Moossnamen sinn drop ugeluecht, fir d'Integratioun vum Kand a senger Klass ze stäerken. Derbäi kommen nach follgend Aspekter:

- Den Instituteur spécialisé dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques, den I-EBS: *un enseignant spécialisé affecté à une ou des écoles ayant pour mission d'assurer l'assistance et la prise en charge des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques dans une approche inclusive au sein de l'école en collaboration avec le titulaire de classe concerné...."* Fir d'Schouljoer 2022/2023 ginn et 129 I-EBS an de Grondschoulen hei am Land.

- Des Weidere besteet an deene 15 Direktioune vun der Grondschoul jeeweils eng ESEB (Equipe de soutien des élèves à besoins spécifiques), déi d'Enseignanten op regionalem Niveau kënne beroden, wéi se mat de Kanner mat Hyperaktivitéit an Impulskontrollstéierung an hirer Klass kënnen ëmgoen a si kënnen och ggf. eng ambulant Prise en charge vum Schüler an der Klass (assistance en classe) assuréieren.

- Derbäi kommen néng national Kompetenzzentren, déi mam *Gesetz vum 20. Juli 2018 portant création de Centres de compétences en psycho-pédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire* geschafe goufen. Eng vun den Aufgabe vun den nationale Kompetenzzentre besteet doranner, d'Léierpersonal ze beroden, wéi et mat engem Kand mat spezifesche Besoinen an der Klass kann ëmgoen. Eng aner Aufgab ass d'Promotioun vu Wëssen, wou themespezifesch Formatioune fir Léierpersounen an anert Personal (ESEB) aus der Grondschoul ugebueden ginn, wéi zum Beispill zum Thema AD(H)S.

- Och eng Rei Prestatairen, déo mam MENJE via Konventioun zesummeschaffen, bidde Prise-en-chargen un, déi dozou bäidroen, datt d'Kand (erëm) besser kann um Unterrecht deelhuelen.

**Ad 4)**

Nee, et ginn aktuell keng speziell Uweisungen, wéi een am Fall vu Bestrofung mat dëse Kanner soll ëmgoen. Den Artikel 4 vum *Règlement grand-ducal concernant les règles de conduite et l'ordre Intérieur communs à toutes les écoles* vum 7. Mee 2009 hält fir d'Lëtzebuerger Schoule fest: "... *Toute punition doit être individuelle et proportionnelle au manquement. Elle doit être expliquée à l'élève et les parents en sont informés. La punition peut consister soit dans un rappel à l'ordre ou un blâme, soit dans un travail supplémentaire d'un intérêt éducatif. Les punitions collectives sont prohibées. Les châtiments corporels sont interdits."*

Zousazaufgabe mat engem schouleschen Inhalt (z. B. Text ofschreiwen, eppes auswenneg léieren) féieren an der Reegel net zu Verhalensännerunge bei Kanner mat ADHS. Falls eng Konsequenz néideg ass, sollt éischter op pädagogesch Reflexioun oder Nobeaarbechtung gesat ginn, well d'Schüler esou ugereegt ginn, nach eng Kéier iwwert hiert Verhalen nozedenken.

Generell gëllt et bei disziplinareschen Entscheedungen, der Gravitéit vun de Virfäll, dem Alter an der Maturitéit vum Schüler, sengem allgemenge Verhalen an enger méiglecher Recidive vu Faiten déi him

reprochéiert ginn, Rechnung ze droen (sou z. B. am Artikel 43 vun der *Loi du 25 juin 2004 portant organisation des lycées*).

**Ad 5)**

Divers Studie weisen, datt verhalensmodifizéierend Techniken an der Klass, wéi zum Beispill positiv Verstäerkung oder Time-Out gutt Resultater liwweren.

Hëllefräich sinn och Moossnamen, déi derzou bäidroen, d'Defiziter an den exekutive Funktiounen (z. B. Aarbechtsgediechtnes, Organisatioun, Zäitmanagement, Hemmungskontroll) auszegläichen.

Et muss och nach de Schwieregkeeten zur Aktivéierung, zum Oprechterhalen an der Sécherung vun der Opmierksamkeet Rechnung gedroen ginn.

Des Weidere kënnen d'Adaptatiounen an d'Amenagementer, déi ënnert de Froen 1 an 2 opgelëscht goufen, ëmgesat ginn.

**Ad 6)**

Wéi am Artikel 29 vum *Règlement grand-ducal du 12 mai 2009 fixant le fonctionnement des commissions d'inclusion scolaire régionales* festgehalen, ginn d'Mesuren, an der Grondschoul, op mannst eemol d'Joer vun der CIS (Commission d'inclusion scolaire) evaluéiert. "*La CIS fait établir un dossier qui comprend: un diagnostic des besoins de l'élève; les aides qui peuvent lui être attribuées; un plan de prise en charge individualisé. Le plan est soumis aux parents pour accord. La CIS fait évaluer annuellement le plan et y intègre les adaptations jugées nécessaires pour assurer le progrès scolaire de l'élève.*"

Wéi an de Grondschoulen, gouf och an de Lycéeën eng CI kreéiert (Artikel 14*bis* vun der *Loi du 25 juin 2004 portant organisation des lycées*), déi fir d'Evaluatioun vun den Hëllefsmesuren zoustänneg ass. "...*La commission d'inclusion scolaire de l'enseignement secondaire du lycée définit ou adapte les aides proposées à l'élève ou le plan de formation individualisé. Les mesures proposées peuvent concerner l'appui scolaire et le soutien sur le plan personnel, relationnel et social.... Elle supervise la mise en place des mesures d''accompagnement des enfants ou jeunes à besoins éducatifs spécifiques.* "

Lëtzebuerg, den 13. Dezember 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH